

Mënsche mat ënnerschiddlechem sozialen a kulturellen Hannergronn engagéieren sech, fir zesummen iwwert Aarmut an Exklusioun nozedenken, ze léieren an ze handelen:

Firwat maache si dat?

Wat bedeit ATD Quart Monde fir si?

Et si **Militanten**

déi aus Erfahrung wëssen, wat Aarmut ass,

et sinn **Alliéén**

déi solidaresch mat hinne sinn an et si **Permanents**

déi sech professionell engagéieren.

D'Extraits sinn aus Témoignagen aus der Programmatioun 2020 an de Virbereedunge fir de 40. Gebuertsdag.

Des personnes de milieu social et culturel différents s'engagent pour réfléchir ensemble sur la pauvreté et l'exclusion, pour apprendre et pour agir.

Pourquoi le font-elles ?

Qu'est-ce que ATD Quart Monde signifie pour elles ?


Ce sont des **militants**

qui ont l'expérience de la pauvreté, ce sont des **alliés**

qui sont solidaires avec eux et ce sont des **permanents**

qui s'engagent au niveau professionnel.

Extraits de témoignages de la Programmation 2020 et des préparations pour le 40ième anniversaire.



2021 - 40 Joer ATD Quart Monde Lëtzebuerg

Mënsche mat ënnerschiddlechem sozialen a kulturellen Hannergronn engagéieren sech, fir zesummen iwwert Aarmut an Exklusioun nozedenken, ze léieren an ze handelen:

Firwat maache si dat? Wat bedeit ATD Quart Monde fir si?

„Fir mech bedeit ATD am Fong **eng Plaz ze hunn wou jidderee gläich behandelt gëtt**. Wat bei ATD och grouss geschriwwen gëtt, kee gëtt mat senger Problemer aleng gelooss. Dat fannen ech bei ATD immens gutt. ... ATD, déi Dynamik, déi do ass, ass immens grouss a wéi schonn e puer mol gesot, den Zesummenhalt ass immens grouss, **et gëtt keen op der Säit gelooss**, wat jo och e Slogan vun ATD ass, **ne laisser personne de côté**, fannen ech passt immens gutt zu ATD. Ech engagéiere mech net nëmme am Jugendgrupp sondern generell bei ATD well ech eppes wëll fir d'Welt maachen, well et einfach vill ze vill Aarmut an der Welt gëtt, well d'Leit vill ze vill no sech kucken an net no deenen anere Leit, deenen et schlecht geet. Den Egoismus an der Welt ass leider immens grouss.“ *Sébastien, Militant*

„Ech fille mech gutt hei, wëll mir hei an enger Gesellschaft sinn, wëll een hei vill mecht. **Ateliere maachen, zesummen diskutéieren**, e Grupp zesumme sinn, **jiddereen kann seng Meenung soen**, et gëtt keen erfogemaach.“ *Tammy, Militante*



Sortie Culturelle Musée National d'Histoire Naturelle : Geckeg Vullen
Februar 2020

« Je ne pourrais pas vivre sans engagement. C'est un **défi** de venir ici, je dois aller vers les autres gens, je dois toujours **avoir un autre regard**, ne pas regarder d'en haut ce qu'ils ont vécu, ne pas dire : moi je le sais mieux, ce n'est pas vrai, et puis apprendre à travailler ensemble. »

Jacqueline, alliée

„ATD ass eng **Gemeinschaft**, et ass fir mech wéi eng Famill, ech hunn ëmmer een, wéi eng Famill, déi een all Woch eng Kéier gesäit...Ech engagéiere mech fir de Leit ze hëllefen, ech engagéiere mech, fir iergendwéi e positive Bäitrag ze maachen.“ *Sofia, Allié*

„Am Ufank, wéi ech heihinner koum sinn, war ech nach relativ jonk, hat ugefaange mat Schaffen, hat kleng Kanner. Ech sinn heihinner koum an hunn hei Leit kenne geléiert, déi Kanner am selwechten Alter haten wéi ech. Ech hunn dee Wee gesinn, dee meng Kanner gemaach hunn, an de Wee, deen Kanner gemaach hunn vun Elteren, deenen et net esou gutt gaangen ass. Ech hunn grouss **Ongerechtegkeeten** bemierkt, gesinn datt déi Leit vu vir eran ganz anescht gekuckt gi sinn, duerch hiert Ausgesinn awer och duerch hir Geschicht. Vu vir eran gëtt gesot, déi do Elteren sinn net capabel fir no hire Kanner zu kucken. An dat huet mech revoltéiert. Ech hu Mammen a Pappen kenne geléiert, déi gutt fir hir Kanner waren, déi frou waren mat hire Kanner a probéiert hunn mat hire Moyenen dat Bescht fir hir Kanner ze maachen. De Bléck, deen vu baussen komm ass, deen Leit jugéiert huet, dat huet mech wierklech immens getraff. Hei hnn d'Leit eng Plaz, wou si kënnen hiert Liewen matdeelen, wéi et hinne geet. **Mir kënnen probéieren, zesummen eppes an der Gesellschaft ze änneren. ... Dës Erfahrungen hunn och en Afloss op mäi Schaffen.** Op menger Aarbecht probéieren ech d'Leit kennen ze léieren, den Leit nozelauschten, an hinnen och ze soen wann ech an hirer Situatioun wier, ech kinnt et net besser, an ze probéieren, wéi kann déi Famill am Beschten eens ginn am Liewen an net probéieren meng Idealvirstellung wëllen ëmzesetzen.“

Béatrice, Allié



Réunion de programmation - début février 2020

„ATD ass am Fong fir mech perséinlech: zesummenhalen, fir **Respekt**, fir zesummen ze schaffen an och fir zesummen ze kämpfen fir d'Gemeinsamkeet, fir eppes ze errechen fir déi Leit deenen et net sou gutt geet, deenen et méi schlecht geet, **fir den Aarmut ze bekämpfen.** Dat ass am Fong d'Zil.“ *Georges, Militant*

„Ich mag es heihinner zu kommen, dofir ass de **Jugendgrupp** och do!“ *Luca, Militant*

2021 - 40 ans ATD Quart Monde Luxembourg

Des personnes de milieu social et culturel différents s'engagent pour réfléchir ensemble sur la pauvreté et l'exclusion, pour apprendre et pour agir.

Pourquoi le font-elles ? Qu'est-ce que ATD signifie pour elles ?

« Atd, c'est comme un kit de construction. **Nous sommes différents** et quand nous nous mettons **ensemble nous sommes une grande famille**. ... Lorsque j'ai été ici la première fois j'ai pensé, ceci me plaît, c'est comme une famille, et maintenant c'est ma famille. ... Je viens ici pour faire connaissance de gens, connaître des expériences. Et ce que je trouve très intéressant, c'est la manière dont nous travaillons ensemble. Ici, c'est une collaboration très chouette. Parfois on entend des choses comme des différends, des **discussions**, mais ce n'est pas si grave. Je trouve très beau comme nous fonctionnons ici. C'est quand même un grand changement quant à la vie que j'ai menée à la rue, des querelles et tout ça, ici cela n'existe pas. On peut communiquer avec tout le monde. » *Astrid, militante*

« Il est important de **donner la parole à l'autre**, important de **reconnaître la valeur de l'autre**, essentiel d'exprimer l'importance du respect. Ce n'est pas simplement : donner à manger, à boire, donner des vêtements. on ne voit pas l'autre qui est derrière. C'est **regarder l'autre en face, voir la personne**. ... J'étais révoltée et je me trouve à défendre les valeurs d'ATD, le partage, le respect, à défendre le faire avec, parce que je trouve qu'il y a la tendance de faire à la place. ... **On va au cœur du problème**, on va là où les autres ne vont pas, on s'assoie avec l'autre, on prend le temps de partager, d'écouter, d'être ... La forme aussi : **apprendre à chercher l'autre où il est**, à le rejoindre dans son milieu, à être patient, et accepter que les choses ne vont pas aussi vite qu'on voudrait. ... ou ça ne se passe pas aussi bien ... » *Darlène, permanente*

« Je me sens bien à ATD, car il y a une ambiance de famille, d'**amitié**. J'ai de très bons amis dans le Mouvement. » *Thierry, allié*



Réunion de préparation Dialogue Participatif - février 2021

„Säit ech hei am ATD sinn, kann ech mech wéinstens **ausschwätzen**. Déi versti mech och.“
Fabienne, Militantin

„Ech kommen hei hinner fir géint Ongerechtegkeeten virzegoen. Dat kann ee maachen, wann een als Grupp zesummenhält. Den Zesummenhalt ass wichtig. Et ass gutt, wa jiddereen seng Plaz huet, esou respektéiert gëtt, wéi en ass, a keen hei ausgeschloss gëtt. Am Alldag ëmsetzen, da heescht **mat de Betroffenen zesumme schaffen an hinnen eng Stëmm ginn**, a si mol fir d'éischt froen, wéi si et géifen ëmsetzen, net iwwert hire Kapp ewech goen.“ *Martine, Allié*

“ATD bedeit mir vill. Ech hu vill geléiert, **vill Leit kenne geléiert**, och am Ausland. An ech war ëmmer frou wann ech, wéi mir soen, Ausländer erëm gesinn hunn. Also fir mech ass ATD wéi eng Famill, ech kenne elo hei vill Leit, ech hunn déi kenne geléiert a mir si **Frënn** ginn.”

Nicole, Militante

« En venant ici, je me rends compte ici qu'il existe des personnes qui sont mis à l'écart par la société, qui sont stigmatisés, alors qu'ici nous démontrons que **nous sommes tous égaux**. Nous pouvons réfléchir ensemble, **avancer l'un avec l'autre**. » *Tom, allié*

„Den ATD ass fir mech eng wichtig Saach, well ech vill hei geléiert hunn an déi Zäit, wou ech hei sinn, fannen et och ganz gutt zesummen ze sinn. Well den ATD ass fir mech ewéi eng Famill an och, wann een eppes, e Problem, huet, datt dat heibanne bleift, dat ass fir mech ganz wichtig. An och een deen anere respektéiert. Och wa **Versammlunge** sinn, fir dass een dem aneren nolauschtert an net ëmmer dra schwätzt, dat ass nämlech ganz wichtig fir mech an och net ëmmer den Telefon un hunn an esou. ... Jo, **mir engagieren eis** fir dass mir och Saachen zesumme maachen. Mir sinn e gudde Grupp, respektiv alleguer, also den ganzen ATD, all zesummen.“

Lucie, Militantin



Sortie op Clierf - August 2021

« Le mouvement, c'est un **mouvement des Droits de l'Homme**, pas comme les autres.... Pour moi, et j'insiste, pour moi c'est le fait que **le mouvement ne travaille pas pour les personnes, mais travaille avec les personnes**. Pour moi ça compte beaucoup : Travailler avec. ... Je suis là parce que ça m'a amené de changer le regard des uns vis-à-vis des autres. Chacun des mots a une grande différence et je trouve que chacun des mots peut apporter quelque chose de nouveau. Ce qui m'a interpellée, c'est ceci : **si on veut changer la société on a besoin de tous**, les idées des uns et des autres ensemble, et surtout on a besoin de ceux qui vivent dans une situation de précarité... Il y a différentes actions, ce qui m'a le plus frappée c'est que le mouvement prend en considération la famille entière, on n'essaie pas de résoudre les problèmes des enfants, mais on essaie de résoudre pour l'ensemble de la famille. »

Stefania, allié

2021 - 40 Joer ATD Quart Monde Lëtzebuerg

Mënsche mat ënnerschiddlechem sozialen a kulturellen Hannergronn engagéieren sech, fir zesummen iwwert Aarmut an Exklusioon nozedenken, ze léieren an ze handelen:

Firwat maache si dat? Wat bedeit ATD Quart Monde fir si?

„Ech hu bei ATD eng méi batter Realitéit aus eiser Gesellschaft kenne geléiert..

Ech hunn **Argumenter** kritt **fir déi Aarm dobaussen ze verdeedegen**. De Partage du savoir huet mir hei ëmmer extra gutt gefall. Ech hu vill hei geléiert. Mech huet ëmmer d'**Solidaritéit** an d'Guttheet vun de Leit beandrockt.“ *Marianne, Alliée*

„Mam ATD, dat war fir mech, also ech sinn esou dra geruscht. An no an no kouv dann e Léieren derbäi, duerch de Kontakt mat de Leit, an den éischte Versammlungen an dann doduerch datt ech bei Leit heem gaange sinn, fir d'Versammlungen virzebereeden... . Ech hunn gesinn dat si Mënschen wéi mir all, et si Leit, déi souguer a Situatiounen sinn, déi een sech net konnt virstellen an déi an deenen Situatiounen hiert Bescht gemaach hunn, déi heiansdo eng Energie gewisen hunn, wou ech mir geduecht hunn, wanns du an där Situatioun wiers, dann wiest de net obs du dat kinnst duerhalen an därer Situatioun, obs de dat kinnst iwwerliewen. Dee **Courage**, deen Leit haten an därer Situatioun, ech hunn dat bewonnert. Du kouv awer nach derbäi dat Bewosstsinn vun Ongerechtegkeet an der Gesellschaft. Dat war fir mech den Afloss vun ATD senger Philosophie, fir ze soen, wa Leit arem sinn, dat ass net nëmmen dem Eenzeleng Schold, solle mer soen, mä **Aarmut ass e gesellschaftleche Problem** an et huet eppes mat de **Mënscherechter** ze dinn. An dat war fir mech eng grouss Erkenntnis an am Fong geholl och de Grond fir wat ech bei ATD bliwwe sinn. Fir ze soen, wann an der Gesellschaft Ongerechtegkeete sinn, da misst ee probéieren, déi ewech ze kréien. A wéi kritt een se ewech, ma an dem déi Leit déi dat erfuer hunn, dat kënnen an d'Gesellschaft erabrénge.“ *Jean, Allié*



Réunion de programmation - fin février 2020

« J'aime venir à ATD parce qu'on échange nos expériences. Parce qu'on **s'écoute et on partage ce qu'on vit et ce qu'on connaît**, avec les autres. Chacun a son expérience mais on partage les mêmes choses. On peut rencontrer des gens qui vivent la pauvreté et les mêmes situations que nous. » *Patricia, militante*

« Ici il ne s'agit pas de **rencontres** comme il y en a dans un café, mais de réunions avec des objectifs importants. J'accompagne le mouvement depuis 30 ans. J'ai beaucoup appris, également à connaître la société luxembourgeoise. » *Emile, allié*

„Ech spiere mech ëmmer gutt am ATD. Ënnert de Leit sinn ass wichteg. Kontakt ze hunn mat de Leit alleguerten. De **Schreifatelier, do hunn ech vill bäigeléiert**. An och wa mer Musek hunn, an der **Chorale**, dat ass gutt.“ *Edy, Militant*

„Ech schaffen hei am ATD, engagéiere mech awer och als Alliée. Den Ënnerscheid mat anere Plazen ass **Toleranz**, déi ech hei fonnt hunn Ech schwätzen vun der Aarbecht, wien reusséiert, wien ass besser, oft ass een deem aneren säin Däiwel. Wat ech awer hei fonnt hunn, datt et hei vill méi mënschlech ass...., ech versichen meng Aarbecht esou gutt ze maachen wéi méiglech an ech engagéiere mech datt de Mouvement weider geet, datt mir eng Léisung fannen, fir d'Exclusioun an

d'Aarmut mol net verschwannen ze dinn, dat ass jo net méiglech, méi kleng ze maachen, datt d'Aarmut erof geet. ... Virdrun war d'Aarmut fir mech nëmmen Zuelen ... A wéi ech heihinner koum sinn, hunn ech d'**Mënsche gesinn hannert den Zuelen, Mënschen** déi och waren wéi ech, **mat hire Schwächten, a mat Stärkten.**“



Atelier Zaubernoss - Oktober 2020

« La manière de travailler sur l'**échange des savoirs**, je la trouve assez efficace. Cela prend du temps. ... Il faut aussi du courage en acceptant la parole de tout le monde. J'apprends toujours quelque chose d'utile. Mais je pense que j'en ai encore plus besoin, je me rends compte que je dois **agir** justement parfois **dans les situations d'injustice et de discrimination de tous les jours** et je vois que je n'ai pas encore trouvé le moyen souvent d'agir. Là il me manque des choses. Cela m'arrive plusieurs fois, pourquoi je n'ai pas agi, pourquoi je ne suis pas intervenue. Je crois que je viens encore ici pour **avoir le courage pour agir plus souvent plus fort.** »

Melanie, alliée

„ATD bedeit fir mech, fir déi Arem ze kämpfen, och fir ze iwwerleeën **wéi kann ech d'Aarmut bekämpfen** ... Ech kommen an den ATD fir aner Leit kennen ze léieren, och fir vun hinnen ze léieren, an och wéi si sech asetzen, a fir d'Aarmut ze bekämpfen.“ *Christophe, Militant*

„Ech komme gären an den ATD, ech hunn déi aner kenne geléiert. Mir ginn sangen, mir ginn an den **Theater**. Dat mecht ganz **vill Spaass.**“ *Laura, Militant*

„**ATD ass fir mech dat Wichtigst**, wat fir mech ass. Ech hu Leit kenne geléiert an ech kann ëmmer nei Leit kenne léieren. ... A wann ech heihin kommen, da fillen ech mech wéi an enger Famill.“ *Sandra, Militant*

2021 - 40 ans ATD Quart Monde Luxembourg

Des personnes de milieu social et culturel différents s'engagent pour réfléchir ensemble sur la pauvreté et l'exclusion, pour apprendre et pour agir.

Pourquoi le font-elles ? Qu'est-ce que ATD signifie pour elles ?

„Ech kennen de Mouvement schonns ganz laang, ...et geet drëm **eppes Gemeinsames ze erliewen**, oder eppes Gemeinsames ze erschaffen, **e Projet un deem mir zesumme schaffen**, dat fannen ech ëmmer extrem beräicherend, well dat jo ass, wat d'Leit , eis zesumme bréngt, an d'Gefill an Sëcherheet bréngt, datt jiddereen dozou gehéiert an datt et net déi eng an déi aner gëtt, mee **datt et eng Plaz ass wou jidderee kann deelhuele**, wou jidderee kann sech selwer ginn esou wéi hien ass. ... **Ech huelen ëmmer eppes mat wann ech heem ginn**. Dat kann ganz Verschiddenes sinn, mee ech gi nie sou heem , wéi ech komm sinn.“ *René, Allié*

„Hei am ATD bass du an enger Gesellschaft. Dobaussen kënnt et jo net zu enger Gesellschaft, vill Leit lauschteren guer net no. ... **Hei vergiessen ech meng Problemer**. Dobaussen kommen si rëm zréck. Dann hues du guer näischt doheem, du dréinst duerch, ëmmer an deem Zëmmer, Fernseh kucken. Et ass net dat selwecht wéi et hei ass. » *Nico, Militant*



1ère réunion de programmation - janvier 2020

« Quand j'ai commencé ici je me suis rendu compte que j'ai vécu dans une boule agréable. Par le travail que j'ai alors fait je me suis rendu compte qu'il existe une forme de pauvreté dans notre pays dont je ne me suis pas rendu compte qu'elle existe ici. On a connu des gens qui ont eu des difficultés et alors on a eu les préjugés connus quand on a dit qu'ils ne peuvent pas gérer leur budget ou qu'ils sont paresseux. Les

gens, dont j'ai fait la connaissance ici, qui vivent en pauvreté, alors j'ai vu que ce n'est pas le cas. Qu'ils luttent, qu'ils veulent travailler, qu'ils veulent sortir de la pauvreté. Et quand aujourd'hui **j'entends des préjugés**, alors **je suis capable de trouver des contre-arguments** et dire : je sais, peut-être il y a des gens comme ça, mais tous les pauvres ne correspondent pas à ces préjugés. Un autre aspect, je me suis rendu compte que moi je vais bien et qu'**il y a beaucoup de choses qui sont évidentes pour moi, et qui ne sont qu'un rêve pour d'autres gens.** »

Sylvie, alliée

« ATD est entre autres aussi mon emploi, ça veut dire j'obtiens de l'argent, j'ai une responsabilité, j'ai aussi des obligations, je dois être sur place. Mais je fais ce travail aussi avec pleine conviction et je suis d'accord avec les idées d'ATD. C'est pourquoi je suis ici et non pas ailleurs. Quand j'ai organisé **la rencontre des jeunes** cela m'a fortement rappelé mon enfance et ma jeunesse. » *Igor, permanent*

„Datt de Mënsch keen Assisté ass, mä een dee matschafft. ... ATD ass net fir een oder déi aner do sinn, mä ee mat deem aneren. Dat fällt engem och direkt op wann ech heihinner kommen. Ech si jo net komm fir meng Hëllef ze ginn, mä ech si komm, fir einfach eppes matzemaachen, en Austausch. **Ech léiere grad esou vill vun engem aneren , wéi een anere vläicht vu mir eppes léiert**, dat ass scho beräichernd a wichteg fir mäi Liewen. Et héiert sech vläicht nët grouss un, mä **mengem Liewen huet et awer och** op eng Manéier **e Sënn ginn**, ech gesinn e Sënn a mengem Engagement.“ *Monette, Alliée*

„Mir gefällt, dass mir als Grupp esou **zesummeschaffen**.“ *Jessica, Militant*

„Ech sinn ganz frou datt ech hei sinn. Ech hu vill geléiert. Meng Situatioun war net ëmmer sou einfach. ... Awer **hei hunn ech och geléiert mech e bëssen duerchzesetzen**, wat och net ëmmer klappt. Ech si prett fir mäi Bescht ze maachen. Ech hu meng Plaz hei fonnt an ech sinn och frou datt ech heihi gehéieren. Mir maachen jo **vill Aktivitéiten**. Dat mecht och vill Spaass an mir haten och déi **Rees** jo mat op Paräis. Et war wierklech interessant.“ *Katharina, Militant*

« Je viens à ATD parce que je pense que j'ai encore des choses à apprendre des autres. Je pense que c'est très confortable quand on a à manger, quand on a tout ce qu'il faut, tout est facile. Nous avons encore autour de nous beaucoup de gens qui ont des besoins et je pense qu'une toute petite chose suffit. ... **Il faut faire attention les uns aux autres**, à ceux qui sont dans le besoin. Je viens à ATD pour continuer à protéger et conserver cette attitude, qu'on pourrait oublier facilement, parce qu'on n'est pas dans le besoin. Je crois qu'à ATD j'ai beaucoup à apprendre, et j'apprends aussi beaucoup de ceux qui viennent ici, qui sont dans le besoin, qui ont mon **respect**. Je viens ici profiter d'un moment tout simplement agréable, où on peut partager. » *Rose Aimé, alliée*

„Wann ech muss schaffen, da muss ech schaffen, da kommen ech net. Ech huele mir Freides fräi fir hei ze **hëllef**.“ *Marc, Militant*

« A un certain moment j'ai pensé de quitter, mais je me suis dit que c'est une grande famille ici, alors j'ai continué à venir et je me suis dit : je veux **donner quelque chose de moi**, faire un peu de bénévolat, **comprendre** des histoires. ... Je souffre avec ce que les gens disent. » *Laura, alliée*

„Ech sinn do well ech nei Leit wëll kenneléieren an ech wëll **Spaass mat neie Leit** hunn.“ *Steve, Militant*

Excursioun Solarboot Stauséi
August 2020



2021 - 40 Joer ATD Quart Monde Lëtzebuerg

Mënsche mat ënnerschiddlechem sozialen a kulturellen Hannergronn engagéieren sech, fir zesummen iwwert Aarmut an Exklusioun nozedenken, ze léieren an ze handelen:

Firwat maache si dat? Wat bedeit ATD Quart Monde fir si?

„Ech hu mech verstoppt. Ech hu gefaart fir ënnert d'Leit ze goen. ... Du hunn ech Leit vun ATD kenne geléiert. Do sote si, da kënnst de mol an d'Versammlung. Sinn ech dann do wëllkommen? Komm roueg mol eng Kéier kucken. Mat schwéierem Häerzen sinn ech du heihinner kوم. Ech sinn och ganz frëndlech empfaange ginn. An iergendwéi hunn ech gespuert : do si Leit, déi lauschteren dir no. Ech hat déi Zäit vill Misär, vill Kummer, keng schéin Kandheet, näischt. ...Ech hunn och ëmmer hei nogelauschtert kritt, ech hunn hei och vill geléiert, **ech konnt och weisen, datt ech eppes kann de Leit bäibréngen**. Ech sinn dann heem gaangen, hunn dat do erzielt an hunn dat 15mol nogelauschtert, du bass awer eppes, du bass keen Idiot, net domm, et stécht awer eppes an der. Duerfir kommen ech heihinner. Ech kommen erëm fir weider aner Erfarungen ze maachen an och fir Erfarungen kënnen weiderzeginn, **komme mat schwéierem Häerz heihinner a ginn rëm mat liichtem Häerz heem** wëll ech **nogelauschtert kréien** a wëll ech hei **Opmierksamkeet** kréien an ee mech och hei versteet..... Duerfir ass den ATD fir mech eng grouss Famill, wou ech ëmmer rëm kann zrëck goen.“ *Sonja, Militantin*



Randonnée Grande Rand'ODD - juillet 2021

« Je viens à ATD, dans un monde qui est n'est pas le mien. J'étais étonnée quand je suis venue et j'ai appris qu'il y a des pauvres au Luxembourg. ... J'aime bien de voir que - ce qui ne se passe pas tous les jours - on est tous là ensemble, on partage ensemble. Quelqu'un qui vient de l'extérieur pour pouvoir parler ne va pas savoir de quel milieu social viennent les autres. On est tous pareils, c'est **l'échange, le respect, l'égalité**. ... Par rapport aux personnes dans la pauvreté, **mon regard a changé**. » *Valeria, alliée*

„Wéi ech ATD kenne geleiert hunn, hunn eis Iddien mech interesséiert. An du war do eng Famill, zu Bréissel déi mir wierklech gesot hunn : du kënns bei eis, fir eis nozelauschteren, fir eis Geschicht opzeschreiwen, eis Iddien weiderzebréngen, an net fir eis konkret ze hëllefen, zum Beispill eng Rechnung ze bezuelen, dat war fir mech ee Schlësselmoment. ... Eng aner Saach ass och, déi Ongerechtegkeeten, déi et an der Gesellschaft ginn. Ech weess, et huet mech ëmmer scho gestéiert, wa Leit verurteelt gi sinn, op Basis vun hirem soziale Milieu, wou se hir kommen, no hirem Ausgesinn verurteelt ginn, a nëmme gekuckt gëtt, wéi ee schwätzt, a schonn doriwwer vill Kommentäre gemaach ginn. ...An hei ass et formidabel, datt Leit zesumme sinn, déi ganz verschidde Liewen hunn, a mat ganz verschiddene Saachen konfrontéiert sinn an hirem Liewen an versichen fir d'Aarmut ze bekämpfen **d'Erfarungen, d'Iwwerleeungen vun deene betraffene Leit mat an Decisiounen an der Gesellschaft erafléissen ze loossen.** .. Mir wëllen jo esou dann **Gesellschaft op laang Dauer veränneren an doduerch och Liewen vun de Leit, déi an Aarmut liewen.**“ *Joëlle L., Alliée*

„Et huet mir gefall fir d'Leit erëmzegesinn, fir **mat de Leit ze schaffen.**“ *Rita, Militant*

« Je suis venue à ATD parce que jeune fille je voulais toujours **lutter contre les injustices** et je me suis mise en route pour trouver une association où trouver ma place. J'ai essayé plusieurs, quand j'ai alors fait la connaissance d'ATD. Tout de suite au début j'ai senti que c'était très important et aussi sérieux. ...Je crois que quand on comprend peu à peu ATD, j'ai entendu que c'est difficile, pour moi aussi c'était difficile. On sent d'abord quelque chose et cela devient de plus en plus fort, prend toujours plus de place à l'intérieur de toi. ... J'ai remarqué que j'ai mieux compris l'une ou l'autre facette d'ATD, quand j'ai vu que nous sommes une équipe. ... Pour moi il est important d'avoir trouvé ici à ATD une équipe, qui n'est pas toujours d'un même avis, mais reste fraternelle.» *Mia, permanente*



Sortie op Veianen
Juli 2020

„Vill Leit kucke just no sech. Mä net nëmme mech betrëfft d'Aarmut, och aner Leit betrëfft et. Ech soen ëmmer, **et dréint sech net nëmmen ëm mech**, et ginn och nach aner Leit. Dat ass **och an anere Länner.** ... Ob si schwaarz sinn, ob si giel sinn, ob si roud sinn, oder gréng sinn oder mow, et ass egal, et si Leit. Leit si Leit. Et soll een deen aneren huelen wéi en ass.“

Henriette, Militant

« Quand j'ai commencé à venir à ATD je n'en connaissais rien. J'ai su que cela existait, mais je n'ai pas su comment cela fonctionnait. J'ai eu besoin de temps, une découverte. Ce qui m'a bien plu comme idée d'ATD, **c'est travailler avec et pas pour**. ... Chacun peut venir ici et les uns aident les autres. On n'est pas le solliciteur et l'autre donne. Ce qui m'est important, c'est être ensemble, que **l'un considère l'autre et respecte sa dignité**. Cela a été pour moi un moment très important, parce que j'ai à ce moment compris, peu importe la formation reçue, peu importe si on est gâté par la vie ou non, on est une personne avec ses sentiments. Et à ce moment j'ai compris que ces personnes peuvent m'apprendre des choses que je n'ai pas sues et que n'ai pas su faire. Quand je suis demandé que c'est ATD en soi, c'est l'échange. J'aime les gens et ici je suis confrontée avec une centaine de réflexions différentes et pour moi c'est une richesse. J'essaie de participer, mais j'ai plutôt le sentiment que j'apprends plutôt que j'aide. C'est un acte important qu'on fait et voilà pourquoi le croisement des savoirs ou **l'université populaire** sont pour moi un des plus importants instruments que nous avons pour le moment, car par le **croisement des savoirs** et l'université populaire les confrontations de chaque personne qu'elle a à l'extérieur deviennent importantes. ... Dans ma vie quotidienne, **j'essaie d'être plus attentive dans mon entourage, dans ma profession**, ... Je n'accepte pas d'aprioris ; quand on dit, les gens sont de la racaille, non ! Je pense que pour moi il est très important que je dise : non, maintenant ça suffit ! » *Joëlle C., alliée*

RETROUVEZ PLUS D'INFORMATIONS

sur le site web d'ATD Quart Monde sous « Actualités »

<https://www.atdquartmonde.lu/40eme-anniversaire>

Le film des 40 ans

<https://www.youtube.com/watch?v=Xp0qNYGbVyw>

La persistance de la pauvreté au-delà des générations

<https://www.youtube.com/watch?v=ZkkeZxyEX0U>



Mouvement ATD Quart Monde Luxembourg
25, rue du Beggen . L-1221 Luxembourg . Tél : 43 53 24
www.atdquartmonde.lu

Dons, ordres permanents, soutiens financiers ou mécénat d'entreprise, ... permettent à nos actions de s'inscrire dans la durée.

Fonds Culturel Quart Monde

BCEE LU07 0019 1000 7922 4000

CCPL LU33 1111 1187 0069 0000

